



—

Den neien Offallsystem vun de SIAS Gemengen

Contern, Nidderaanwen, Sandweiler,
Schëtter



„Iwwer 600 Tonne manner Reschtoffall an engem Joer“

Ier hei e puer Fakten iwwer Reschtoffall presentéiert ginn, soe mir der Bevëlkerung MERCI, dass se dës nei Regulatioun bewosst implementéiert hunn a doduerch schonn e kloren Effekt ze gesinn ass. Duerch déi konsequent Handlung vu villen Awunner hu mir erreecht dass bis Enn Juni méi wéi 300 Tonnen Offall net einfach verbrannt goufen mee recycléiert goufen!

De System

Zënter dem 1. Januar 2021 hunn déi 4 SIAS Gemengen Konter, Nidderaanwen, Sandweiler a Schëtter en eenheetleche System fir d'Verwäertung vun Offall a Ressourcen:

D'Gemenge hunn een eenheetlechen Besteierungsmodell agefouert, den konsequent de Prinzip vum <Pollueur-Payeur> implementéiert: all Kilogramm Reschtoffall gëtt mat 0,9 Euro verrechent.


Am vergaangene Joer gouf zousätzlech eng Tonn fir Glas a Pabeier agefouert nieft dem scho existéierenden organeschen Offallbehälter an all de 4 Gemengen. Dëst bedeit dass all Stot eng vereinfacht a praktesch Trennung vu Ressourcen ausféiere kann. Jidderee kann och op de bloe Sak vu Valorlux zrëckgräifen an doduerch nach eng Kéier d'Quantitéit u Verpackungen am Reschtoffall wesentlech reduzéieren.

Éischt Evaluatiounen hu gewisen dass vill Stéit hiert Verhalen un déi nei Situatioun ugepasst hunn. Iwwer de Joreswiessel goufen et bedeitend Ännerungen bei de verschiddenen Aarte vu Poubellen. Mir si frou, dass däitlech méi Stéit elo déi verschidde Poubellen benotzen an doduerch besser d'Ressourcen trennen.

Méi Informatioun iwwer optimal Ressource-Trennung fannt Dir och am Guide du tri (<https://www.sias.lu/de/abfall-and-ressourcen/mullabfuhr/guide-du-tri>)


D'Resultater



D'Datenanalyse fir déi éischt 6 Méint vun 2021 weist eng Reduktioun vun der Quantitéit vum Reschtoffall ëm 27% am Verglach zu 2019-2020. Laut enger Extrapolatioun bis Enn vum Joer kënnen mir e Reschtoffallvolumen vun ongeféier 100 kg / Awunner a Joer erreechen. (kuckt Grafik)




Fir d'Populatioun vu knapp iwwer 18.000 entsprécht dat enger Reduktioun vu ronn 600 Tonne pro Joer!

Resultater vun de 4 Gemengen:











Wéi funktionéiert den „Wiegesimal“?




Vum Januar 2021 u gouf en Déngschtleeschter fir Müllsammlung duerch eng europäesch Ausschreiwung ausgewielt. De Kontrakt verflucht d'Entreprise d'Drecksamionen mat engem Wiegesimal auszustellen an selwer ISO 9001 (internationale Qualitätsstandard) zertifizéiert ze sinn.

D'Zertifizéierung garantéiert datt de Qualitätsstandard existéiert, datt d'Mataarbechter trainéiert ginn an datt dës Norme respektéiert ginn duerch reegelméisseg Kontrollen.

Ausserdeem ënnerleien d'Woen op de Gefierer dem Eichamt a gi reegelméisseg vum ILNAS (Institut Luxembourgeois de la Normalization de l'Accréditation, de la Sécurité et qualité des produits de services) zertifizéiert.

Déi folgend Sequenz vun Biller weist déi verschidde Stadien beim eidel man vun enger Dreckschëscht. D'Weiener fënnt statt während d'Dreckschëscht opgehewe a gesat gëtt. Doduerch gëtt d'Gewicht vum Inhalt bestëmmt. Well d'Dreckschëscht mat engem Chip ausgestatt sinn, erkennt de System automatesch wéi eng Dreckschëscht et ass an iwwerdréit dann dës Donnéeën an en zentrale Gestoussystem wou all d'Donnéeën zesummekommen.

			
Etape 1	Etape 2	Etape 3	Etape 4
Système au repos	Pose du bac Le système est prêt à lever le bac	Identification et Pesée dynamique du bac plein	Montée du bac plein pour vidange

		
Etape 5	Etape 6	Etape 7
Vidange du bac	Descente et pesée dynamique du bac vide	Dépose du bac

An der leschter Etapp vun der Dateveraarbechtung ginn d'Donnéeën dann mat de Stéit verbonne fir d'Fakturéiere méiglech ze maachen.